

# STROOSSEN- A KADASTERNIMM

Wie sech déi nei Kaart vun der Stad keeft, déi de Syndicat erausgin huet, dee kann elo jidfer Strooss op Lëtzebuergesch fannen, déi en Numm an eiser Sprooch hat an huet. Den Här Pinnel huet och drop gehal, dass een all Numm soll erausfannen, egal ob een de franséischen oder dee lëtzebuergesche kennt oder sicht.

Dëst as eng Actioun, déi am selwechte Streech leeft wéi d'Aarbecht fir d'Stroosseschëlter . . . an dat eent ewéi dat anert as bis elo ganz gutt ukomm. Wann ee sollt mengen, dass géng d'Ausländer oder d'Touristen dronkeg maachen, dann as en um Holzwee: déi sichen hei jo och no deem, wat originell eist typescht lëtzebuergesch Gesiicht as! Matt dass Typeschst sin ower dacks Haiser-, Flouer- a Stroossen-Nimm, déi aus der Zäit an de Leit eraus gewuess sin. Intressant sin déi Nimm ower och nach fir äis selwer; schued wir et, wann dass Stéck Stadt fir eis Kanner a Kandskanner géng verblatzen oder verschwannen. En Daureschued as et dofir och, dass bis elo ganz bekannt Plazen a Stroossen hire lëtzebuergeschen Numm nach nët um Schëld hun . . .

Mir denken nët un déi wou de frieme Numm nëmmen eng Iwwersetzung as vum Lëtzebuerg-

geschen (Bredewe = rue Large / Paschtoueschgaass = rue du Curé / Groussgaass = Grand'rue), me un déi wou déi zwou Bezeichnungen Verschidenes bedäiten (Gölle Fra = place de la Constitution / al Avenue = avenue de la Gare) asw.

Am selweschte Sënn hun d'Frënn vum Clausener Verschéinerungsveräin eng Saach un d'Rulle bruecht: Si froen sech (an och äis alleguer), firwat mir um Kadaster nach ëmmer mat deene koppege verdäitschte „lieux-dits“ zefridde sin! Et as klor wéi Bulletszopp, dass et sech hei ëm eng verdruddelt Affär aus dem leschte Jorhonnert handelt. Däitsch-sproocheg Beamten hun d'Nimm op Lëtzebuergesch gelauschtert, an se dono mat däitsche Lauter ageschriwen . . . dofir hu mir haut de „Kirchberg“ aplaz de Kiirchberg, „auf der Hoecht“ aplaz „op der Héicht“ . . . an dass sin nach laang nët déi gelungenst! Ower d'ganzt Land as esou „verkadderdastert“; dofir muss een dee Problem an engem Siess mam Schlawittchen huelen . . . et hält nët um gudde Wëll vum Kadaster; do as d'Iddi gudd ukomm. Mir brauche Leit an Zäit fir et ze maachen . . . an et gët gemaach, well et dowäert as!

l.r.

